



N° 6356
Reçue le 15.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.

Den 11ten Mee hunn ech eng Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch zum medezinesche Cannabis gestallt. An dëser Fro hunn ech mech no den disponibelen Quantitéiten vu Cannabisbléien an Ueleg informéiert. D'Ministesch huet an hirer Äntwert Quantitéite genannt a gesot, dass et säit Dezember 2021 net méi zu Ruptures de Stock komm wier. Mir leien Informatiounen vum CHL an dem CHEM fir, déi soen, dass keng Bléien mat 18% THC Gehalt a keen Ueleg u Patienten distribuéiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi erkläert d'Madamm Ministesch dës Aussoen vun CHL an CHEM?
2. Wéini wäerten déi ronn 22kg Cannabis, déi laut Ministère am Stock sinn mat 18% THC-Gehalt un d'Patienten distribuéiert ginn?
3. Wéini wäerten déi ronn 300 Flaconen Ueleg, déi laut Ministère am Stock sinn, un d'Patienten distribuéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu